

Ech bréngen och domadder den Accord vun eiser Fraktioun.

Ech soen Iech Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Hauptert. Wa kee méi eppes bäizeflécken huet deenen ausféierleche Remarquë vum Rapporteur, da kéime mer zum Vote vum Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Vote fänkt un. Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 5901 ass och mat der Stëmm vum Här Etgen ugehall,...

» **Plusieurs voix.** - Ah!

» **M. le Président.** - ...mat 57 Jo-Stëmmen, bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener (par Mme Christine Doerner), Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Marcel Oberweis), MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen (par M. Michel Wolter), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Roland Schreiner), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Ben Fayot), M. Fernand Diederich (par M. John Castegnaro), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri (par Mme Lydie Err), Jos Scheuer (par M. Marc Angel), Romain Schneider (par M. Jean-Pierre Klein) et Roland Schreiner;

MM. Eugène Berger (par M. Claude Meisch), Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Xavier Bettel), MM. Fernand Etgen, Charles Goerens, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner (par M. Alexandre Krieps);

MM. Claude Adam (par M. Camille Gira), François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par M. François Bausch), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. Henri Kox);

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et also esou décidéiert.

Mir kommen zu der Duebelbesteierung vu Lëtzebuerg mat den Arabeschen Emiraten a mat Aserbajdschan. Den Här Thiel ass déi éischte Kéier Rapporteur, den Här Mosar duerno, an da maache mer d'Diskussioun.

» **Une voix.** - Okay.

» **M. le Président.** - Mir huelen déi zwee Projete mateneen an d'Diskussioun...

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - ...no den zwee Rapporteurs. Den Här Thiel huet d'Wuert.

6. 5767 - Projet de loi portant approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et les Émirats Arabes Unis tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, et de son Protocole, signés à Dubai, le 20 novembre 2005

5799 - Projet de loi portant approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République d'Azerbaïdjan tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, et du Protocole y relatif, signés à Bakou, le 16 juin 2006

Rapport de la Commission des Finances et du Budget sur le projet de loi N°5767

» **M. Lucien Thiel** (CSV), *rapporteur.* - Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, Här Minister, dat Duebelbesteierungs- ofkommes oder eigentlech - méi richteg - dat Netduebelbesteierungsofkommes, dat eis Chamber haut ofseene soll, ass dat 53., dat eist Land mat engem anere Land ofschléisst.

De Partner op där anerer Säit ass net een, mä et sinn der eigentlech siwen, well et handelt sech ëm eng Federatioun vu siwe weiderhin autonome Scheichtümer um Arabesche Golf, déi sech 1971 zu de Vereenegten Arabeschen Emirater zesummege- schloss hunn a säithier ënnert dem Zepter vun engem ieweschte Rot fonctionnéieren, deen aus deene siwe Scheiche besteet.

Obwuel déi offiziell Hauptstadt Abu Dhabi ass, wou och déi gemeinsam Zentralbank ugesiedelt ass a wou d'Sue konzentréiert sinn, ass et awer Dubai, dat am meeschte vu sech schwätzen deet.

Dem Scheich Maktoum seng Airline Emira- tes, déi jiddweree kennt, huet d'Ambitioun, den „number one“ op der Welt ze ginn, a si ass och déi éischt, déi mat dem Airbus 380 opgetrompt huet. Zu Dubai steet och deen deiersten Hotel vun der Welt, de Burj al-Arab, an et gëtt do gebaut, datt d'Fatzen ewechfuere.

Allerdéngs ass dee Glanz an der Wüst mat der Zäit elo eppes méi blatzeg ginn, well d'Clienten aus dem Westen net méi esou gutt bei Keess si wéi fréier. Et gesäit sou- guer esou aus, wéi wann déi aner Schei- chen dovü profitéiere wéilten, fir zu hirem Kolleeg vun Dubai opzeschléissen.

Nodeem dee seng Palmeninsel mat de Mil- lionärsvillaen an d'Mier gegrafft a seng eege Schipist - „indoor“ natierlech - a Betrib geholl huet, plangt elo den Emir vun Abu Dhabi och esou eng Insel, déi dann „d'Pä- rel“ heescht, a setzt sech, amplaz vun en- ger Schipist, fir 83 Milliounen Dollar elo eng Filial vum Paräisser Louvre a sai Sand.

» **Une voix.** - Et ass den Näid, deen do matschafft!

(Hilarité)

» **Une autre voix.** - Genau!

(Hilarité)

» **M. Lucien Thiel** (CSV), *rapporteur.* - Wéi gesot, an der Golfregioun a virun allem an deene siwen Emirater fluppt et weider, trotz der Kris.

Och wann hir Bourssen ëm déi 160 Milliar- den Dollar an deene leschte Méint verbro- den hunn, sinn d'Golfstaten nach ëmmer déi Boomregioun vun der Welt. Eleng d'Emira- ter hunn 2007 genee 63 Milliarden Dollar mat hirem Uelech geloust. Deemools louch de Barrel-Duerchschneëtspäis bei 70 Dol- lar. Dat Joer duerno war e souguer op 100 Dollar geklommen. An domat kënnst Der lech dann och ausrechnen, wat lescht Joer an d'Keess koun.

Kee Wonner, datt do d'Emirater am Geld schwammen, mat Ausnahm allerdéngs vun Dubai, dat keen Uelech méi huet an duerfir säin eegene Boom op Puff finanzéiere muss, allerdéngs mam Geld vum Kolleeg vun Abu Dhabi.

D'Statsfongen am Golf, inklusiv déi vu Saudi-Arabien allerdéngs, géréiere ronn 1.200 Milliarden Dollar, an déi vun Abu Dhabi eleng, d'Abu Dhabi Investment Au- thority ass mat 875 Milliarden Dollar deen decksten op der ganzer Welt.

Hei dreeme jo och verschidde Leit vu sou- veräne Fongen. Abee, da musse mer emol kucken, wéi vill där Milliarde mir géifen ze- summekréien.

Mat deene Sue léisst sech natierlech eppes ufänken. Domat kann ee Flughäfen, Hotel- len a Marinaen en masse bauen. Am Mo- ment si Projete fir ëmmerhin 2.300 Milliarden Dollar an den Emiraten am Bau.

Oder et kann een duerch d'Welt shoppe goen a sech zum Beispill, wéi dat virun e puer Woche geschitt ass, emol einfach esou 10% vum Kapital vu Mercedes-Benz ënnert den Nol räissen.

Eiser neier arabescher Braut feelt et deemno net un Attraktivitéit. Jiddefalls geet et duer, fir vun deene fréiere räiche Länner ëmgaachelt ze ginn, deenen et am Moment manner gutt geet an déi duerfir schaarf op de Scheichen hir Sue sinn. Dobäi waren et net emol mir, déi dohinner freie gaange sinn, mä et waren d'Emiren, déi bei eis komm sinn.

D'Scheichen haten 1996 gefrot, fir en Due- belbesteierungsofkommes mat eis ofze- schléissen. Mä mir waren deemools net ganz presséiert, net ganz waarm, ënner

anerem, well de Steiersystem vun den Emi- raten, deen an der Diplomatesprooch mat deem elegante Begrëff „Fiscalité légère“ ëmschriwwé gëtt, d'Begeeschterung vun ei- sen Autoritéite gebremst huet.

Wéi et sech awer mat der Zäit erausgestallt huet, datt een nach ewell Geschäfte mat den Emirate maache kéint an datt en Due- belbesteierungsofkommes sech eleng scho weinst eiser Cargolux méi wéi bezuelt maache géif, déi dacks en Zwëschestopp am Golf mécht - wéi Der wësst -, wa se an de Fernen Oste flitt, du si mer awer op de Goût komm an hu schliesslech Enn Novem- ber 2005 am Kader vun enger Wirtschafts- missioun zu Dubai de Protokoll iwwer en Duebelbesteierungsofkommes ënner- schriwwen.

Den Accord ass nom übleche Muster ge- stréckt mat ville Renvoien op de Modell vun der OCDE, mat detailléierte Regele fir d'Besteierung vun deenen diversen Akom- mesquellen, souwuel fir d'Privatleit wéi fir d'Entreprises, an - ganz wichteg fir d'Car- golux - mat engem réckwierkenden Effet op d'Joer 2000.

Souguer eis Holdingen, déi systematesch bei den Duebelbesteierungsofkommes aus- geklamert gi sinn, well si jo iwwerhaupt ken- ger Kierperschaftssteier bei eis ënnerleien, hunn d'Emiraten toleréiert. Dat wäert eis al- lerdéngs net vill notzen, well d'Bréisseler Kommissioun huet eis jo gezwongen, eis Holdinge bis Enn 2010 ofzeschaffen, well no engem hallwe Jorhonnert festgestallt gi war, datt d'Holdinge vun 1929 net konform zum EU-Recht wieren.

Wéi ëmmer ass och bei dësem 53. Accord déi Bestëmmung aus dem Artikel 26 vum OCDE-Modell ausgeklamert ginn, déi en In- formatiouns Austausch tëschent de Steier- verwaltungen virgesäit. Et dierf een net ver- giessen, datt d'Konventioun schliesslech méi wéi dräi Joer virun deem fatalen 13. März 2009 ofgeschloss gouf, wou Lëtze- buerg sech mat enger Rëtsch anere Länner dem Drock vun deene Groussen huet misse béien a sech dozou bereet erkläre missen, an Zukunft Informatiounen fir steierlech Zwecker auszutauschen.

Duerfir steet och elo an dësem Accord nach näischt vun deem Informatiouns Austausch, deen an Zukunft feste Bestanddeel vun esou Konventiounen wäert ginn. Dat ass och de Grond, firwat déi Duebelbesteierungs- konventiounen, déi et scho gëtt, elo wäerten nogebessert ginn. D'Verhandlungen an deem Sënn si jo scho mat Amerika gefouert an och um Minister Frieden virun e puer Deeg ofgeschloss ginn. A mat Däitschland a mat Frankräich si se, souwäit wéi ech weess, ugelaf.

Och mat den Emirater soll elo en ähnlechen Accord fonnt ginn an dann nach virum Enn vum Joer un dës Konventioun drugepecht ginn. Mir musse jo esou séier wéi méiglech mat enger Dosen anere Länner eens iwwer en Zousaz zu den Duebelbesteierungsa- cordé ginn, well eréischt dann, wa mir mat hirer zwielef Länner en Échange d'informa- tions veraccordéiert hunn, da verschwanne mir vun där berüchtgter groer Lëscht vun de soi-disant Steierparadäiser, op déi deemnächst jo ganz schaarf vun deene Grousse geschoss soll ginn.

Et ass eng delikat an eng kriddelech Aar- becht, déi elo op eis Responsabel zoukënn. Well hannert där weltwäiter Kon- junkturkris vum Ament verstoppt sech fir eist klengt Land net méi an net manner wéi eng Existenzkris, well mir esou staark ofhängeg grad vun deem Secteur sinn, deen elo esou massiv ënner Beschoss geréit. Déi Kris musse mir - Wahlen hin, Walen hier - esou séier wéi méiglech an de Grëff kréien, well soss kéinte mir emol schwéieren Zäiten ent- géintgoen.

Här President, d'Finanzkommissioun ass der Meenung, et géife genuch Grënn, fir grad elo dëser Konventioun zouzestëmmen - dat, trotz hirem gewëssermooosse proviso- resche Charakter.

Ech dierf soen, datt och d'CSV-Fraktioun där Meenung ass. Fir de Rescht ass ze hof- fen, datt et eiser Regierung an deenen nächste Wochen a Méint geléngt, hir friem Kolleegen ze iwwerzeegen, datt si um Holz- wee sinn, wa si mengen, et misst een elo vun der Krisesituatioun profitéieren, fir de Mënsch endlech total duerchsiichteg ze maachen.

Ech soen Iech Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Thiel. Den honorabelen Här Mosar mécht dann de Rapport zu Aserbajdschan.

(Interruptions)

Rapport de la Commission des Finances et du Budget sur le projet de loi N°5799

» **M. Laurent Mosar** (CSV), *rappor- teur.* - Här President, Dir Dammen an Dir Hä- ren, mä Rapport wäert e bësselche méi dréche gi wéi dem Kolleeg Thiel säin, well ech kann lech net mat Palmeninselen, Luxushotelen a Schipisten déngen. Dofir awer e bësselche mat Uelech a Gas.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Duebelbesteierungsofkommes mat Aser- bajdschan läit an der Linn vun deenen ane- ren Duebelbesteierungsofkommen an no- tamment deem vun Dubai, dee jo virdru vu mengem Kolleeg Lucien Thiel extensiv vir- gestallt ginn ass. Ech brauch a wéll also net méi an den Detail vun dësem Duebelbe- steierungsofkommes agoen, wat de leschte 16. Juni 2006 zu Baku ënnerschriwwé ginn ass.

E Wuert vläicht zu der Republik Aserbaid- schan, dat eng vun deenen opstriedwende Republiken aus der ehemoleger Sowjet- unioun ass. D'aserbajdschanesch Wirt- schaft gëtt dominéiert duerch de Pétrol an de Gas. Et ass dann och d'Exploitiatioun vum Pétrol am Kaspesche Mier, déi 70% vun den Exportatiounen vun dëser Republik duerstellt. Am Joer 2003 sinn insgesamt d'Pétrolsreserven op siwe Milliarde Barrel geschätzt ginn, wat am Ganzen 0,6% vun de Weltreserven ausmécht.

Och d'Gasreserven am Land sinn äusserst importent, wat dann och Aserbajdschan er- laabt, seng strategesch Situatioun ausze- bauen, andeem et de Gasmonopol vu Russ- land a Fro stellt.

Aserbajdschan huet duerfir eng reell Impor- tenz net nëmme fir d'Europäesch Unioun, mä och fir Lëtzebuerg, well duerch déi enorm Pétrols- a Gasreserven eng Alterna- tiv zu Russland besteet.

Här President, wat sinn elo déi wesentlech Punkte vun dësem Duebelbesteierungsof- kommes? Dëst Ofkommes inspiréiert sech, wéi dat och scho virdru vum Kolleeg Thiel gesot ginn ass, haaptsächlech um OCDE- Modell, mä gesäit awer och eng Rei Spezi- fissitéite vir, déi eiser Steiergesetzgebung Rechnung droen.

Ee Punkt, op deen ech awer kuerz wéll agoen, well e sech ënnerscheet par rapport zu aneren Duebelbesteierungsofkommen, och deem vun Dubai, ass, datt an dësem Ofkommes d'Pensiounen vu physesche Per- sounen an deem Land besteiert ginn, wou de Bénéficiaire sai Wunnsätz huet. Dës Dis- positiooun ass zwar konform par rapport zum OCDE-Modell, mä derogéiert awer zu der üblecher Praxis, déi bis elo an aneren Due- belbesteierungsofkomme suivéiert ginn ass.

Dëst huet dann och zu enger Kritik vum Statsrot gefouert, deen d'Regierung a sen- gem Avis opgefuerdert huet, an Zukunft erëm déi traditionell Dispositiounen virzege- sinn, nämlech déi, datt d'Pensiounen do be- steiert ginn, wou se och ausbezuelt ginn.

Allerdéngs muss een hei awer och nach eng Kéier preziséieren, datt déiselwecht Dispositioun, wéi se elo hei an dëser Kon- ventiouen festgeschriwwé gëtt, och an enger Rei, zwar nëmmen enger ganz limitéierter Zuel vun Duebelbesteierungsofkomme virkënn, wéi zum Beispill an deem mat Däitschland.

E leschte Punkt, op deen ech dann nach ganz kuerz wollt agoen, ass deen, dann och contrairement zu deem, wat ëmmer erëm an Duebelbesteierungsofkomme festgehalé gëtt, nämlech datt d'Holdingen net an de Champ d'application falen, hei op spezielle Wonsch vun der aserescher Regierung erausgeholl ginn ass, dat heescht, datt an dësem ganz konkrete Fall déi Holdingsge- sellschaften an dëse Champ d'application falen.

Heizou wéilt ech allerdéngs betounen, datt dës Dispositioun keng allze laang Liewens- dauer méi wäert hunn, well jo bekannter- weis den Holdingsregime d'nächst Joer den 31. Dezember definitiv wäert auslafen an et no deem Datum also keng Holdingsgesell- schafte méi hei am Land wäerte ginn.

Dat gesot, Här President, géif ech lech ëm Är Zoustëmmung zu dësem Projet bieden a mam gudde Beispill virgoen, andeem ech den Accord vu menger Fraktioun bréngen.

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet!

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Den honorabelen Här Fayot huet d'Wuert elo.

Discussion générale

» **M. Ben Fayot (LSAP).** - Jo, Här President, ech wollt selbstverständlech dem Här Mosar an och dem Här Hauptert villmoos Merci soe fir hir... souwéi dem Här Thiel, entschëllegt, fir hir Rapporten. Selbstverständlech och dem Här Hauptert, deen extra vu Stroossbuerg erëmkomm ass, fir de Mëtteg hei ze officiëieren.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. Ben Fayot (LSAP).** - Ech wollt awer trotzdem am Kader vun dësen Duebelbesteierungsokommes, a well mer d'Chance hunn, den zoustännegge Minister bei ons ze hunn, eng Fro stellen. Mir hu jo ganz vill dār Duebelbesteierungsokommes. Ech hunn hei gelies am Exposé des motifs oder an den Explicatione vum Rapporteur, dass mer der iwwer 50 hunn. Mir si jo amgaangen, et ass gesot gi mat Amerika, en neit Ofkommes ze maachen, och mat Frankräich an Däitschland.

Do wollt ech froen, no dār Décisioun vun der Regierung vum 13. März 2009, fir eben déi OCDE-Dispositiounen mat eranzehuelen an ze respektéieren. Dat geet jo eigentlech net esou wäit wéi dat, wat d'Europäesch Unioun wëllt, wat den Här Kovács wëllt maachen. A wa mer mat Frankräich an Däitschland négociéieren, ass natierlech d'offiziell Positioun vun der Regierung, esou wéi ech dat verstan hunn, fir op dem Niveau OCDE ze bleiwen.

Ech wollt de Minister elo net froen, fir aus deenen Négociatiounen, wa se schonn ugefaangen hunn, Geheimnisser unzeginn, mā ons seng Appréciatioun ze ginn, ob déi Négociatiounen, besonnesch mat den europäesche Länner, a sengen Ae liicht oder vläicht méi schwéier ginn à la lumière vun deenen Entwécklungen an der Europäescher Unioun.

Ons Suerg ass jo sécher, dass mer schnell aus dār groer Lëscht erauskommen, dass mer also schnell och déi Dosen nei Duebelbesteierungsokomme kréien. Mā nach wār et interessant ze wëssen, wéi schwiereg dat politesch gëtt. Menger Usicht no gëtt dat net ganz einfach, étant donné och déi ganz Finanzkris an déi Développementser ronderëm. Ech wār awer frou, wann den Här Minister ons do kéint rassuréieren.

» **M. le Président.** - Merci, Här Fayot. De President vun der Chambre de Commerce Aserbaidshan-Lëtzebuerg huet d'Wuert nach gefrot.

» **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - Merci, Här President.

(Brouhaha)

Ech wollt just nure feststellen: Deen Accord géint d'Duebelbesteierung vun Dubai, deen datéiert vun 2005. Dee mat Aserbaidshan, deen datéiert vun 2006, an ech hoffen, datt an Zukunft d'Prozeduren e bësselche méi séier ginn, well soulaang wéi esou Accorden net zustane komm sinn, geet déi wirtschaftlech Zesummenaarbecht och e bësselche méi lues.

Mir wëssen, datt, ech si ganz frou effektiv, Här President, datt ech als President vun der Chambre de Commerce Lëtzebuerg-Aserbaidshan, déi hei zwee Mann Personal beschäftegt, datt mer wëlles hunn, déi wirtschaftlech Zesummenaarbecht ausze- weiten, net nuren op d'Cargolux an op si- wen aner Gesellschaften, déi schonn do schaffen, an datt et dofir absolut noutwen- deg war, datt dëse Projet de loi elo gestëmmt gëtt.

An deem Kontext, wou dat och diskutéiert gëtt, hoffen ech och, datt d'Regierung d'une façon générale, wat de Secret bancaire ugeet an déi nei Accorden, déi do disku- téiert ginn, datt een do verschidden Aus- soen héiert iwwert d'Aart a Weis, wéi elo déi Konventiounen, déi Doppelbesteierungsok- messen, wéi déi sollen ausgesinn.

Ech hat et esou geduecht ze verstoen, et misst weinstens eng Indication do si vun iergendenger Fraude fiscale. Anscheinend

soll dat elo méi wäit goen. Dofir benotzen ech och d'Geleeënheet fir de Minister ze froen, wéi sech elo déi Négociatiounen duerstellen. Mā, nach eng Kéier, wëll ech den Accord zu dësen zwee Projekte ginn.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Henckes. Den Här Budgetsminister Luc Frieden huet d'Wuert.

» **M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.** - Här President, ech géif gärden de Rapporteure Merci soe fir déi Aarbecht, déi se hei gemaach hunn, grad wéi alle Kol- leegen, déi zu dëse Projeten intervenéiert hunn.

All Kéiers dann, wa mer en neit Duebelbe- steierungsokommes ofschléissen, ass dat gutt fir d'wirtschaftlech Entwécklung vun ei- sem Land, well et eise Betriber erlaabt, Geschäfte an der Welt ze maachen, ouni datt déi Revenuen, déi se dorausser kréien, zweemol besteiert ginn. Duerfir musse mer onbedéngt weiderfuere, eist Netz vun Due- belbesteierungsokommes weider ausze- bauen.

(Coups de cloche de la Présidence)

Duerfir wäerte mer och schonn d'nächst Woch e weidert Duebelbesteierungsok- ommes mat dësem geographesche Raum oder mat deem geographesche Raum, vun deem den Här Thiel geschwat huet, of- schléissen, nämlech den nächste Mëttwoch ënnerschreiw mer en Duebelbesteierungs- ofkommes mam Bahrain.

A mir hu wëlles, wéi gesot, dat weider ze maachen, well eis Betriber brauche Méig- lechkeeten, fir an der ganzer Welt kënnen ze operéiere respektiv déi Betriber, déi vun do kommen, datt mer déi och kënnen un- zéien op Lëtzebuerg. Dat ass noutwendeg, wa mer wëllen, datt eist Land weider eng in- ternational ekonomesch gutt entwéckelt Plaz bleift, an déi brauche mer erëm, fir datt d'Liewensqualitéit hei am Land weider kann erhale bleiwen a besser ginn.

Eng zweet Remarque betrëfft de Fait, datt dës Accorden nach net, ech ënnersträi- chen, nach net an allen Dispositiounen dem OECD-Modell-Accord, an notament deem Punkt iwwert den Échange d'informations sur demande Rechnung droen.

Ech hunn d'Rapporteuren ausdrécklech do- zou héieren, datt d'Finanzkommissioun d'accord ass, datt, soubal déi Négocia- tiounen stattfonnt hunn, dann och dës Ac- cordë mat ofgeännert ginn.

Et ass esou, datt mir mat den Arabeschen Emirater doriwwer geschwat hunn, an och d'Arabesch Emirater d'accord sinn, datt mer déi Ofännerung do maachen. Mā si hunn och an hirem Parlament, héchstwahr- scheinlech e bëssen en anert Parlament wéi dat hei, deen Accord schonn approvériert an dār dote Form, an datt si duerfir soen: Approuvéiert Dir och fir d'éischt den Text, an da maache mer en Échange de lettres, andeem mer deen Artikel 26(5) iwwert den Échange sur demande drabauen.

Mir hunn also den Accord politique fir dat ze maachen. Ech wëll och hei ausdrécklech soen, datt dës Accorden also net géifen en Ofwäichen duerstelle vun dār Décisioun, déi d'Regierung den 13. März geholl huet, fir an Zukunft den OECD-Modell ofzeschléis- sen.

Et ass d'Intentioun vun der Regierung, déi muss awer vun dār nächster Regierung confirméiert ginn, fir all déi Duebelbesteie- rungsokommes, déi mer elo nei négociéie- ren, respektiv dat sinn oft bestehend Accor- den, wou mer just en Amendement derzou maachen, duerch ee Gesetz an der Cham- ber approvériere ze loossen. Net also zwielef oder 15 Gesetzer ze maachen, mā nodeem mer eng ganz Rei négociéiert hät- ten, ass eis Iddi, ee Gesetzesprojet ze ma- chen, wou dann d'Chamber kéint all déi Amendementen zu bestehenden Duebel- besteierungsokommesse maachen. Wéi gesot, Décisioun, déi déi nächst Regierung muss, wa bis dohinner all déi Accorden né- gociéiert sinn, confirméieren.

Drëttens wëll ech hei nach eng Kéier soen, datt mir zënter dem Joer 2000 soen, datt mir op de Wee vun dem Informatiouns- aus- tausch higinn, wann och déi aner Länner dat maachen. D'Tatsaach, datt d'Schwäiz, Éisträich, Singapur, Hongkong an anerer dat gemaach hunn, erhält eis déi noutwen- deg Konkurrenzfähgkeet, déi mer op eiser Finanzplatz brauchen. Duerfir gesinn ech och net duerch déi Décisioun d'Finanzplatz an hirer Entwécklung a Fro gestallt.

Eis stéiert och manner déi gro Lëscht, déi jo just rappeléiert, wat d'Regierung selwer gesot hunn, wéi d'Kritären, no deenen déi wäiss Lëscht zustane komm ass. D'Tat- saach, datt een, wéi hei de Mëtteg och rap-

peléiert, muss zwielef Duebelbesteierungs- ofkommes hunn no OECD-Modell, fir op dār wäisser Lëscht ze sinn, géif ech mer erla- ben, mat allem Respekt fir international Or- ganisatiounen, als lächerlech ze beschrei- wen. Firwat net néng oder 13 oder 15?

D'Kritäre sinn déi, déi opgestallt gi sinn, déi net d'Zoustëmmung vun der Lëtzebuerg- Regierung fannen. Mir huele se zur Kennt- nis a mir wäerte se uwenden, mā mir hätte gärden - an och dat drécke mer der OECD nach eng Kéier an dësen Deeg aus -, datt esou Kritären no de Regele vun der OECD, also am Konsensus definéiert ginn, an net vun e puer Staten, déi déi definéieren.

Ceci étant dit, wäerte mer méi wéi zwielef Duebelbesteierungsokommen ofschléis- sen, déi deem dote gerecht ginn. Well éischstens, wéi gesot, contestéiere mir de Chiffer zwielef, an zweetens musse mer och mat méi Länner - an an der Europäescher Unioun si jo scho vill méi wéi zwielef Länner - op deen dote Wee goen. Déi Verhand- lunge si schwiereg.

Ech hu bewosst déi éischt Verhandlung- e mat Amerika gefouert a bewosst se zu en- gem groussen Deel selwer gefouert. Firwat? Well Amerika ass dee gréisste Member am G20. An Amerika ass en duebele Risiko fir Lëtzebuerg gewiescht, nämlech engersäits de G20, an anerersäits eng Rei eesäiteg Lëschten, déi am amerikanesche Senat an am Representantenhaus zirkuléieren, op deene Lëtzebuerg steet. A verschiddener vun deene Proposition-de-loien, déi droen och den Numm vum aktuellen amerika- nesche President.

Et war mer kloer bei mengem éischte Be- such zu Washington virun e puer Wochen, datt, wa mir net hei géife bougéieren, déi eesäiteg Lëschte géifen am Parlament, och encouragéiert duerch d'Finanzkris, relativ schnell a Realitéit, also a Gesetzesform ëm- gesat ginn. Duerfir hu mer déi Verhand- lunge gefouert.

Deen Accord steet an de groussen Linnen an deen Accord gëtt der Lëtzebuerg-Regie- rung Satisfaktioun. Den Accord kann nach net formal ënnerschriwwen ginn, bis ver- schidden intern Prozeduren an Amerika fäerdeg sinn. Ech hu mam President vun der Finanzkommissioun ofgemaach, datt mer Mëtt Mee, bis dohinner wäerten déi Prozeduren dann ofgeschloss sinn, d'Fi- nanzkommissioun am Detail iwwert deen Accord informéieren. Dee Moment gëtt en och dann ënnerschriwwen.

Deen Accord gëtt eis Satisfaktioun an deen Accord wäert och e gudder Modell sinn, fir mat anere Staten ze verhandelen. Et geet an deenen Accorden notament ëm d'Prezi- sioun, déi muss erfüllt si bei deenen De- manden, déi kommen. Et geet ëm d'Fro, ob esou Accordë réckwierkend sinn oder net.

Duerfir muss ech lech soen, datt déi Négocia- tiounen schwiereg sinn. Déi si beson- nesch schwiereg no enger éischter Ronn vun Négociatiounen, déi stattfonnt hu mat Däitschland, wou eng Rei Revendicatiou- nen op den Dësch komm sinn, déi fir Lëtze- buerg net akzeptabel sinn. Also muss do- riwwer diskutéiert ginn.

Mir si mat de Fransousen an Négociatioun. Mir hunn e Freideg zu Washington of- gemaach, fir och mat der Schwäiz a mat Éisträich esou Accorden ze maachen. Dat sinn och Membere vun der OECD. Mir hunn Demandé kritt vun enger ganzer Rei vun aneren EU-Staten, mā mir kënnen net alles mateneen négociéieren. Wa mer der awer bis dräi, véier fäerdeg hunn a wann déi plus ou moins d'nämlecht ausgesinn, da gëtt et vill méi einfach, fir déi aner duerno ze négo- ciéieren.

De Kommissär Kovács, zoustänneg fir Steieren an der Europäescher Unioun, huet an deene leschte Méint eng Rei Proposi- tiounen gemaach - déi schéngt en och gëschter op enger Pressekonferenz nach eng Kéier erkläert ze hunn -, déi an eisen Aen iwwert dat erausginn, wat d'OECD ver- laangt.

D'Lëtzebuerg-Regierung ass net mat deem, esou wéi mer dat bis haut verstanen hunn, d'accord. Wann ech virsiichteg sinn a mengen Aussoen, dann ass dat, well ech dat net direkt vum Kommissär Kovács héie- ren hunn, mā datt de Kommissär Kovács den nächsten Dëschdeg am ECOFIN dat, wat e gëschter der Press gesot huet, wëllt de Ministere presentéieren.

Et ass also eréischt no dār Presentatioun am Conseil vun de Finanzministere, wou d'Lët- zebuerg-Regierung sech wäert zu deene Propositionen ausschwätzen, well mer se dann eréischt am Detail kennen. Mā mir mengen et wär net gutt, datt ee fir d'éischt am G20 an an der OECD e gewëssene Standard definéiert an dann dräi Wochen duerno erëm eppes aneschtens an der Eu- ropäescher Unioun mécht. Dat wäert op de Widerstand vu Lëtzebuerg stoussen.

Woubäi ech awer hei wëll rappeléieren, datt schonn 2000 an 2003 bei der Zënsrichtlinn déi iwwergrouss Majoritéit vun EU-Staten am Fong fir den automateschen Informa- tiouns- austauch war. Et ass also och näischt, wat elo op dār doter Fro ganz nei ass. Déi meescht Länner si fir den automa- teschen Informatiouns- austauch. Mā am G20 OECD ass jo am Fong den Informa- tiouns- austauch sur demande als Kritär fixéiert.

Mir suivéieren dat also ganz no. Mir wäerte weider elo intensiivst Verhandlungen an deenen nächste Woche mat enger Rei State féieren, fir esou schnell wéi méiglech op eng 15 Duebelbesteierungsokommen ze kommen. Dat geet awer ganz sécher bis an den Hierscht eran. Also ass et och d'Aufgab vun dār Regierung, déi aus de Wahlen vum 7. Juni erausgeet. An déi Debatten an der Europäescher Unioun, déi wäerte schwie- regst ginn. Och déi fänken elo eréischt un, mā ech spieren, datt en extremen Drock ass, fir déi esou schnell wéi méiglech ofze- schléissen.

Et ass e Conseil de 5. Mee. Dee Conseil vun de Finanzministere, deen duerno ass, ass am Juni, an da kommen der nach duerno. Mā ech spiere vun allen Informatiounen, déi ech hunn, datt déi aner Länner nach wëllen dëst Joer mat dār Fro ofschléissen. Mir mengen, datt déi Positioun, déi mer bis elo vertrueden hunn, déi mer den 13. Mee ge- maach hunn am Kontext vun der OECD, eis Limite an deene Verhandlung muss sinn, an datt d'Kommissioun och deem muss Rechnung droen.

Mā d'Kommissioun ass jo net hei deen, deen decidéiert en fin de compte. Et ass de Conseil vun de Finanzministere. Am Conseil vun de Finanzministere si 27 Län- ner, ass Unanimitéit. Mā mir mussen also do eis Argumenter virbréngen a mir musse kämpfe fir déi Positioun, déi, ech mengen, bis elo hei am Parlament op eng breet Zoustëmmung - et war Unanimitéit - ge- stouss ass. Duerfir, mengen ech, ass et och noutwendeg, datt mer no deem Conseil ECOFIN vum Mee och d'Finanzkommis- sioun informéieren an och versichen, fir esou wäit wéi dat méiglech ass gemeinsam Vuen zu Lëtzebuerg op dār schwiereger Fro do och weiderhin ze halen.

Merci.

» **M. le Président.** - Merci, Här Minister, fir déi Explikatiounen an deem sensibelen Dossier.

Mir kommen elo zum Vote vum Accord mat fir d'éischt den Arabeschen Emirater.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 5767 et dispense du second vote constitutionnel

De Quorum ass erreecht. Vote par procura- tion. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 5767 ass ugeholl mat 58 Jo- Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Fa- bienne Gaul, MM. Marcel Glesener (par M. Marcel Oberweis), Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Martine Stein-Mergen), MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler, Raymond Wey- dert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Roland Schreiner), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Ben Fayot), M. Fernand Diederich (par M. John Castegnaro), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri (par Mme Lydia Mutsch), Jos Scheuer, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par Mme Ly- die Err);

MM. Eugène Berger (par M. Xavier Bettel), Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Alexandre Krieps), M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch (par M. Fernand Etgen), MM. Charles Goerens, Paul Helming, Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner (par M. Charles Goerens);

MM. Claude Adam (par M. Henri Kox), Fran- çois Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par M. François Bausch), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. Félix Braz);

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

Da stëmme mer of iwwert de Projet mat Aserbajdschan.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 5799 et dispense du second vote constitutionnel

De Vote fänkt un. De Vote ass ofgeschloss. De Projet de loi 5799 ass ugeholl mat 56 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener (par Mme Christine Doerner), Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Martine Stein-Mergen), MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Ober-

weis, Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Ben Fayot), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Roland Schreiner), M. Fernand Diederich (par M. Marc Angel), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri (par M. John Castegnaro), Jos Scheuer, Romain Schneider (par M. Jean-Pierre Klein) et Roland Schreiner;

MM. Eugène Berger (par M. Xavier Bettel), Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M.

Alexandre Kriepps), M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch (par M. Fernand Etgen), MM. Charles Goerens, Paul Helminger, Alexandre Kriepps et Claude Meisch;

MM. Claude Adam (par M. Félix Braz), François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par M. François Bausch) et Henri Kox;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Mercredi, 29 avril 2009

SÉANCE 45

Dann ass et esou decidéiert. Merci un de Vertrierder vun der ADR.

Domadder si mer um Enn vun eisen Aarbechte vun haut ukomm. Den nächste Rendez-vous ass muer de Mëtteg um hallwer dräi.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 16.48 heures)

Jeudi, 30 avril 2009

Présidence: M. Lucien Weiler, Président M. Jos Scheuer, Vice-Président

Sommaire

- 1. 5975 - Projet de loi portant création d'une École de la 2° Chance
 - Rapport de la Commission de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle: M. Fernand Diederich
 - Discussion générale: Mme Françoise Hetto-Gaasch, M. Eugène Berger, M. Ben Fayot, M. Claude Adam, M. Robert Mehlen, M. Aly Jaerling (dépôt d'une motion), Mme Mady Delvaux-Stehres, Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle
 - Motion 1: Mme Mady Delvaux-Stehres, Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle
 - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
 - Vote sur la motion 1 (rejetée)
- 2. Dépôt d'un projet de loi
 - Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration
- 3. Dépôt d'une motion par M. Robert Mehlen
 - M. Robert Mehlen
- 4. 5985 - Projet de loi autorisant la participation de l'État à la construction d'une maison de soins à Vianden
 - Rapport de la Commission de la Famille, de l'Égalité des chances et de la Jeunesse: M. Jean-Paul Schaaf
 - Discussion générale: M. Fernand Etgen, M. Romain Schneider, Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration
 - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
- 5. 5984 - Projet de loi modifiant la loi du 30 juin 2004 portant création d'un cadre général des régimes d'aides en faveur du secteur des classes moyennes
 - Rapport de la Commission des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement: M. Lucien Clement
 - Discussion générale: M. Fernand Etgen, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Jacques-Yves Henckes, M. Aly Jaerling, M. Fernand Boden, Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement
 - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
- 6. 5925 - Projet de loi portant modification:
 - 1. de la loi modifiée du 15 décembre 1993 déterminant le cadre du personnel des administrations et des juridictions de la sécurité sociale, et
 - 2. de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État
 - 3. du Code de la sécurité sociale
 - Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale: M. Romain Schneider
 - M. Fernand Boden, Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement
 - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Fernand Boden, Mmes Marie-Josée Jacobs et Mady Delvaux-Stehres, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.31 heures)

1. M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber iergendwelch Matdeelungen ze maachen?

Mme Mady Delvaux-Stehres, Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.- Neen, Här President.

M. le Président.- Merci, Madame Delvaux.

Den éischte Punkt um Ordre du jour haut de Mëtteg ass de Projet de loi iwwert d'École de la deuxième chance. De Rapporteur ass den honorabelen Här Diederich an et si bis elo ageschriwwen: d'Madame Hetto, den Här Berger, den Här Fayot, den Här Mehlen an den Här Jaerling. D'Wuert huet elo de Rapporteur, den honorabelen Här Diederich.

1. 5975 - Projet de loi portant création d'une École de la 2° Chance

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle

M. Fernand Diederich (LSAP), rapporteur.- Här President, Madame Minister, Kolleeginnen a Kolleegen, dëse Projet de loi ass den 23. Dezember 2008 duerch d'Madame Minister vun der Éducation nationale déposéiert ginn. Avisé sinn erakomm vun der Chambre des Salariés, vun der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics, vun der Chambre des Métiers a vun der Chambre de Commerce. An dräi Sitzungen ass de Projet virgestallt an diskutéiert ginn.

Den Avis vum Statsrot datéiert op den 31. März. An der Sitzung vum 2. Abrëll huet d'Kommissioun eng Rei Amendementen adoptéiert. Den Avis complémentaire vum Statsrot vum 21. Abrëll ass den 23. Abrëll vun der Kommissioun aviséiert ginn. An där Sitzung ass och dëse Projet de rapport ugeholl ginn.

Den Objet vum Gesetzesprojet besteet doranner, eng legal Basis ze schafe fir d'Émsetzung vun enger neier Unterrechtsstruktur fir all déi Schüler, déi weinst schouleschem Mësserfolleg, weinst Mangel un der Motivation oder well se de falsche Choix getraff hu bei der schoulescher oder beruflecher Orientatioun, oder an traditionelle Klasse vum Secondaire oder vum Secondaire technique décrochéiert hunn, mat dem Zil, hinnen eng zweet Bildungschance ze offréieren.

Den Ursprung vun der École de la deuxième chance geet op d'Joer 1995 zréck, wou d'Europäesch Kommissioun ee Wäissbuch iwwer Erzéiung a Bildung adoptéiert huet mam Titel: «Enseigner et apprendre: vers la société cognitive».

Ee vun den Objektiv war de Kampf géint d'Exklusioun, an an deem Kader ass den experimentelle Projet vun den Écoles de la deuxième chance proposéiert ginn, fir deene jonke Leit nei Méiglechkeeten an Opportunitéiten ze bidden, déi net iwwert déi néideg Qualifikatiounen a Kompetenze verfügen, fir hir Formatioun weiderzeféieren oder sech an d'Berufsliewen ze integréieren.

Hei zu Lëtzebuerg besteet d'Iddi vun enger École de la deuxième chance zwar scho méi laang, mä aus verschiddene Grënn konnt kee konkrete Projet presentéiert ginn. Schonn 1999 ass am Kader vun enger parlamentarescher Missioun ee Rapport erstallt gi vum aktuelle Statsrot René Kollweiler, deen och während fënnef Joer an der École de la deuxième chance zu Marseille resposabel war fir d'Relatiounen vun der Schoul mat den Entreprises.

Op dëse Rapport hin ass folgende Passus an d'Regierungserklärung vun 1999 ageschriwwen ginn: «de faire des efforts particuliers afin de mettre en place une véritable offre d'école de la deuxième chance».

Et huet awer missen d'Regierungserklärung vun 2004 ofgewart ginn, fir d'Iddi nei ze relancéieren, an elo um Schluss vun der Legislaturperiod kann dat entspriechend Gesetz gestëmmt ginn. Ech wëll an dësem Zusammenhang awer och un eise regrettéierte Kolleeg Marc Zanussi erënneren, deem dëse Sujet ganz besonnesch um Härz louch an dee sech deementspriechend staark investéiert huet.

Mir stellen haut fest, datt d'Offer, wat d'Formatioun vun de Jugendlechen a jonken Erwuessenen ubelaangt, déi als Décrocheuren ugesi ginn, net duergeet an d'Noutwendegkeet vun enger méi breeder an diversifiéierter Offer besteet, esou wéi et an enger Etüd iwwert den Décrochage scolaire zu Lëtzebuerg confirméiert gëtt. Dës Etüd „Le décrochage scolaire au Luxembourg“ vum Ministère de l'Éducation nationale aus dem Schouljoer 2006/2007 befaasst sech mat deene Schüler, déi déi Lëtzebuerger Schoulen ouni Ofschlossdiplom verloossen an ënnert hinne mat deene Jonken, déi als Décrocheurs scolaires gëllen, dat heescht, déi sech net an eng aner Schoul oder an eng aner Formatioun aschreiwen.

Den Taux de décrochage ass zwar déi lescht Joren erofgaang, wat drop zréckzuféieren ass, datt de Ministère de Kampf géint d'schoulesch Exklusioun zu enger vusenge Prioritéiten zielt. Dëse Réckgang ass op d'Schafung vun neie Méiglechkeete fir d'Schüler mat Schwiereregkeeten zréckzuféieren, wéi zum Beispill d'Classes relais souwéi déi systematesch Begleedung vun de betraffene jonke Leit duerch d'Action locale pour jeunes.

An trotzdem sinn all Joer méi wéi 300 Jonker vum Décrochage scolaire betraff a lafen de Risiko, ausgeschloss oder marginaliséiert ze ginn. Fir dës Leit bitt d'École de la deuxième chance een neit pedagogesch Angebot, mat dem Zil, hinnen zu enger Qualifikatioun an enger Beschäftegung ze verhëllefen.

Wat ass elo d'Konzept vun der Schoul? D'Schoul funktionéiert am Kader vum Enseignement postprimaire an adresséiert sech prinzipiell un déi jonk Leit, Schouloufbriecheer tëscht 16 a 24 Joer abegraff.

D'Objektiv besteet doranner, déi Jonk dozou ze bréngen, déi néideg Confiance a Motivatioun ze fannen, fir een neie Schoulparcours unzefänken an déi allgemeng praktesch a sozial Kompetenzen ze entwéckelen, déi et hinnen erlaben, erëm an déi traditionell Klasse vum Secondaire oder Secondaire technique opgeholl ze ginn, an